Naturschoul Lasauvage
Newsletter September 2018

Där fannt eis Newsletteren och all um HOME vun eisem Internet-Site.

1. Umeldungen

Ee grousse Merci fir déi vill Umeldungen, déi iwwert d'Grouss Vakanz erakomm sinn. Denkt drun, iech unzemellen op **www.naturschoul.lu.**

Och wann dir Virschléi fir nei Themen hutt oder är Visite äre Besoinen upasse wëllt, kënnt dir eis dat gäre matdeelen bei der Umeldung.

Ee grouss Merci elo schons fir är Mataarbecht.

2. Rollénger Millen

Wéi funktionéiert eng Millen? Wéi gëtt d'Kraaft vum Waasser op de Millesteen bruet? Wéi kënne mer aus Fruucht Miel man? Wéi bake mer Brout? . . .

Nodeems d'lescht Joer scho Péitenger Klasse vum formidable Site op der Rollénger Mille profitéiere konnten, ass et lo och un den Déifferdenger Klassen. Mär brauchen e puer Test-Klassen (ab 3.2) an am Laf vum Joer kënnt d'Unitéit an den offizielle Programm.

Avis aux amateurs.....

3. RIP ZÄITSCHRËFT NATUR AN TECHNIK

AN DÉIWER TRAUER SOE MER EISER ZÄITSCHRËFT "NATUR AN TECHNIK" ÄDDI.

2 Klassen hunn am Laf vum Joer Contributiounen erageschéckt, déi wéi versprach mat enger Grillescht belount ginn. Domat kréie mer keng Zeitung gefëllt. 2018-19 wëlle mer äech an engem klenge Sondage ënner anerem dozou är Ureegunge froen, wéi eis Angeboter nach méi attraktiv kënne ginn.